GEMENG
**Mamer**



# Nationale Commemoratiounsdag 2024

Den nationale Gedenkdag fir un d'Resistenz vum Lëtzebuerger Vollek an de Krichsjore 1940-1945 ze erënneren, gëtt **samschdes, den 12. Oktober an den dräi Uertschaften Holzem, Capellen a Mamer** zelebréiert.

De Schäfferot invitéiert d'Leit, d'Fändelen erauszehänken, an all Matbierger, grad esou wéi déi lokal Veräiner, un dëser Gedenkzeremonie deelzehuelen.

## HOLZEM:

**Um 17.00 Auer** leeën d'Gemengevertrieder an d'Zwangsrekrutéiert Gerbë beim „Monument aux Morts" op der Place de la Résistance nidder.

## CAPELLEN:

**Um 17.30 Auer** leeën d'Gemengevertrieder an d'Zwangsrekrutéiert Gerbë beim „Monument aux Morts" virun der Kierch nidder.

## MAMER:

**Um 18.00 Auer** kommen d'Membere vum Schäffen- a Gemengerot, Leit, déi an de Krichsjoren ëmgesidelt a verschleeft gi waren an hier Familljen a Frënn, politesch Prisonéier, Zwangsrekrutéiert, Veräiner aus der Gemeng mat Delegatioun a Fändel, an all aner Matbiergerinnen a Matbierger virun der Kierch zesummen.

De Cortège geet uschléissend duerch d'Rue Josy Barthel bis an d'Rue du Marché a stellt sech beim „Monument aux Morts" virun der Kierch op.

Den Oflaf vun der Gedenkzeremonie ass folgenden:

- d'Gerbë ginn niddergeluecht,
- d'„Sonnerie aux morts" gëtt gespillt,
- de Buergermeeschter Luc Feller hält eng Gedenkusprooch,
- d'Heemecht gëtt intonéiert,
- Mass an der Kierch.

De Schäfferot,

Luc FELLER, Buergermeeschter
Roger NEGRI, Schäffen
Ed BUCHETTE, Schäffen
Francine CLOSENER, Schäffin

www.mamer.lu www.facebook.com/GemengMamer www.instagram.com/commune_de_mamer

Wärend dëser Manifestatioun kënne Foto- an/oder Videoopname fir d'Gemenge-Publikatioune gemaach ginn.
Dëse Flyer ass op recycléiertem „Balance Silk" 135 Gr. Pabeier gedréckt. Dëse Pabeier ass FSC, PEFC an EU Ecolabel zertifiéiert an ass chlorfräi gebleecht (TCF).